N°677
Entrée le 30.04.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.05.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/04/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Eisen Informatiounen no ass Stand lescht Woch erëm eng Rupture beim medezinesche Cannabis an de Spidolsapdikten ausgeruff ginn. D'Patienten, déi op de Cannabis ugewise sinn, mussen also erëm op Medikamenter wiesselen, bis erëm medezinesche Cannabis do ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Säit wéini ass kee medezinesche Cannabis méi accessibel? Sinn all d'Bléienaarte betraff? Wéi steet et ëm de Stock vu Cannabisueleg?
2. Fir wéini ass eng nächst Liwwerung virgesinn? Wéi vill kg Bléien a wéi vill Ueleg soll hei geliwwert ginn?
3. Firwat koum et op een neits zu dëser Rupture de stock?
4. An der Vergaangenheet koum et ëmmer erëm zu Enkpäss beim medezinesche Cannabis. Wat wäert déi nei Ministesch maachen, fir datt esou Enkpäss net méi virkommen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten